N°1628
Entrée le 04.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.12.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Den Office national de l'enfance (ONE) ass eng Verwaltung, déi sech fir de Jugendschutz hei am Land asetzt. Den ONE schafft selwer u Projeten an ënnerstëtzt och aner Prestatairen am Beräich vum Jugendschutz. Heifir bezilt den ONE senge Prestatairë fir d'Ausféierung vu verschiddene Servicer Suen aus.

An den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n°988 an 820 huet de Minister Informatiounen iwwert den finanziellen Volume vun dëser Aarbecht oppegeluecht. Aus den Äntwerten goung ervir, dass den ONE vun 2019 op 2023 gekuckt ronn 650 Milliounen Euro un extern Prestatairen iwwerwisen huet, dovunner ronn 495 Milliounen (3/4 vun den Ausgaben) un déi 10 gréissten Prestatairen. Ronn 309 Milliounen goufe fir de Budgetsposten Forfaits journaliers (11733005) ausginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister den Tableau vun de Gesamtmontanten, déi den ONE un déi 10 gréisste Prestatairen ausbezuelt huet, op d'Joren 2019 bis 2023 ventiléieren? (Tableau aus der Äntwert op d'Fro n° 988)
2. Kann de Minister d'Gesamtmontanten vun de jeeweilege Budgetsposten aus dem Tableau aus der Äntwert n°820 deenen 10 gréisste Prestatairen zouerdnen?
   Aanechters gefrot: wéi verdeelen sech d'Budgetsposten aus dem Tableau op déi 10 gréissten Prestatairen?
3. 2022 loung de Budget vum ONE nach bei ronn 144 Milliounen Euro. Fir 2025 sollen d'Käschten op 208 Milliounen eropgoen. Dat si ronn 44% méi Ausgaben beim ONE bannent nëmme 4 Joer.
   - Wéi erkläert de Minister, nieft der Inflatioun zënter 2022, dës Hausse vun den Ausgaben beim ONE bannent dësem kuerzen Zäitraum?
   - Wéi eng weider Leeschtungen goufen beim ONE agefouert, déi dës Hausse erklären?
4. Wéi ee Service ass zoustänneg fir d'Préifung vun de Rechnungen, déi den ONE vu senge Prestataire kritt a wéi vill Beamten schaffe an dësem Service?
5. Wéi eng Prozeduren huet den ONE sech ginn, fir d'Rechnungen vu sengen externe Prestatairen

souwéi d'Qualitéit vun de Prestatiounen ze kontrolléieren, sou wéi se an de Kontrakter an Konventiounen festgehale goufen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten